N°4758
Reçue le 30.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 26 AOUT 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°4758 du 27 juillet 2021 de l'honorable député Monsieur Fred Keup, concernant les annonces à l'aéroport de Luxembourg, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité et des**
**Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an vum Här Jean Asselborn, Aussen- an Europaminister, op d'parlamentaresch Ufro n° 4758 vum 27. Juli 2021 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwer Lautsprecherannoncen**

Als éischt wier kloer ze stellen dass Lux-airport S.A. eng privatrechtlech Firma ass, déi net ënnert *"der Tutelle"* vun der Regierung oder engem Ministère steet.

Direktioun vu Lux-airport huet dëst Joer missen déi elektronesch Systemer fir d'automatiséiert Ukënnegungen um Lëtzebuerger Fluchhafen erneieren, well déi aal Systemer um Enn vun hirer Liewensdauer ukomm waren.

Déi nei automatiséiert Ukënnegunge ginn an der offizieller Lëtzebuerger Amtssprooch Franséisch souwéi an der internationaler Sprooch op Englesch gemaach. Dës Ëmsetzung entsprécht dem Standard op internationale Fluchhäfen a geet Hand an Hand mat der héijer Unzuel vun internationale Passagéier op dëser Plaz. D'Ziel vun den Duerchsoe muss déi sinn dass se vun de meeschte Passagéier verstane gëtt.

Zousätzlech hunn déi automatiséiert Ukënnegungssystemer, déi hautdesdaags weltwäit vu Fluchhäfe benotzt ginn, integréiert Standardsproochen. E personaliséiert Produkt an der Lëtzebuerger Sprooch géif zu bedeitenden zousätzleche Käschte féieren. Deemno sinn dës Käschten därzäit net kompatibel mat der aktueller Kris an der Loftfaart an den domat verbonnene noutwendege Käschtereduktiounen.

Ausser dësen automatiséierten Annoncë ginn et awer och nach "ad hoc" Annoncë wann eng spezifesch Duerchso am Terminal oder um Gate gemaach gëtt. Dës gi gréisstendeels och ob lëtzebuergesch duerchgefouert.

Wat *"Kanner oder Leit mat Sproocheproblemer"* ugeet, esou gëtt et fir des Fäll speziell Assistancen, wéi „Unaccompanied Minor" oder „PMR" Assistance déi kenne beim Fluchhafen ugefrot gi fir de betraffene Leit bei hirem Passage am Fluchhafen ze hëllefen.